



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten,
op d'parlamentaresch Fro N° 1005 vum 15. Juli 2024
vum Här Deputéierte Marc Goergen
iwwer d'Roudeeg vun de Lokféierer**

1. *Hunn all d'Lokféierer an der Reegel mindestens zwee Roudeeg a 62 Stonnen Paus tëschent zwou Aarbechtswochen?
Falls nee, wéi oft ass dat vun 2020 bis 2023 net de Fall gewiescht?*

Konform zum CFL-Personalstatut hunn d'Lokféierer „dans la mesure du possible“ mindestens zwee Roudeeg tëschent zwou Aarbechtswochen.

	Ee Roudag tëschent zwou Aarbechtswochen	Zwee oder méi Roudeeg tëschent zwou Aarbechtswochen
2020	16%	84%
2021	15%	85%
2022	16%	84%
2023	10%	90%

2. *Hunn all d'Lokféierer an der Reegel mindestens ee Roudag a 38 Stonnen Paus tëschent zwou Aarbechtswochen?
Falls nee, wéi oft ass dat 2020 bis 2023 net de Fall gewiescht?*

Konform zum CFL-Personalstatut, wann d'Lokféierer keng zwee oder méi Roudeeg tëschent zwou Aarbechtswochen hunn, hu si awer ëmmer mindestens ee Roudag tëschent zwou Aarbechtswochen.

Lëtzebuerg, den 8. August 2024

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes